

## WELTMUSEK

## Willis Tipps



## The Klezmatics - zum 30sten

The Klezmatics haben sich rar gemacht. Jetzt ist endlich ein neues Album erhältlich, auf dem das Sextett wieder keine Wünsche offen lässt. Die Klezmermusik der osteuropäischen Juden überlebte in den USA und erfuhr in den 1970er-Jahren ein Revival. Die New Yorker Band erschloss ihr mit ihren rockigen Interpretationen ein neues Publikum. Das 1990er-Album „Rhythm and Jews“ brachte den Durchbruch. Nun feiern The Klezmatics ihr 30-jähriges Jubiläum mit **Apikorsim/Heretics**, auf dem die „Ketzer“ zum wiederholten Mal bornierten Denkmustern eine Abfuhr erteilen. Bemerkenswert ist die jiddische Version der katalanischen Hymne „L'Estaca“ Lluís Llachs, die nahtlos in die feine Mischung aus ruhigen Songs und ansteckenden Tanzmelodien passt. The Klezmatics gehören zu den KünstlerInnen, die sich nicht ständig neu erfinden müssen, um zu begeistern.

*The Klezmatics - Apikorsim/Heretics (World Village)*



## Garifunapreziosen aus Honduras

**Aurelio** (Martinez) aus Honduras ist der führende lebende Vertreter der Garifunamusik und feiert ebenfalls das 30-jährige Jubiläum seiner Karriere, aber mit einer Platte voller Neuaufnahmen seiner besten Songs. Die

Garifuna sind eine Volksgruppe an der Ostküste mehrerer Länder Zentralamerikas, die auf der Karibikinsel St. Vincent durch Vermischung von freigekommenen afrikanischen Sklaven mit den Kariben, den Ureinwohnern, entstanden ist. Aurelios Musik zeigt, wie stark die afrikanischen Wurzeln vor allem in den Rhythmen dieser Menschen erhalten geblieben sind, und doch klingt es anders, als man es von schwarzer Musik aus dieser Region gewohnt ist. **Darandi** ist geprägt von treibender Perkussion, tollen Melodien, der markanten Stimme Aurelios und den stets präsenten „Surf“-Gitarreneinwürfen. Das Album dokumentiert eine hochinteressante Facette der Musik Mittelamerikas.

*Aurelio - Darandi (Stonetree Records/Real World)*



## Inuitklänge für das 21. Jahrhundert

Im Norden Kanadas leben Inuit, in deren Kultur der ursprüngliche Gesang der Schamanen eine zentrale Rolle spielt. Von dort kommt **Tanya Tagaq**, die führende moderne und in Kanada preisgekrönte Vertreterin dieser

Musik, die sie experimentell zelebriert. Schlagzeug, Violine und Elektronik legen einen Freistil-Klangteppich, auf dem sich ihre energiegeladene Vokalakrobatik mit Sprechgesang, Schreien, Röhren und Röcheln entfaltet; gelegentlich von einem Rapper und einem mongolischen Throatsinger unterstützt. **Retribution** ist ein zorniges Album, das Gewalt gegen Kinder, gegen Frauen, die Vernichtung der Lebensbedingungen der Inuit thematisiert, und mündet in ihre spezielle Version von Nirvanas provokantem „Rape me“. Tanya Tagaq hat mit dieser Platte erneut eine kompromisslose, raue und aufwühlende Version heutiger Inuitmusik geschaffen.

*Tanya Tagaq - Retribution (Six Shooter Records)*

Transglobal  
World Music Chart



Februar - Top 5

1. **Bonga - Recados de Fora** (Lusafrica) Angola
2. **Cemil Qoçgiri - Zalâl** (Ahenk Müzik) Kurdistan/Türkei
3. **Amira Medunjanin - Damar** (World Village) Bosnien-Herzegowina
4. **Voxtra - The Encounter of Vocal Heritage** (Muziekpublique) Sardinien/Albanien/Madagaskar/Finnland/Belgien
5. **Gaye Su Akyol - Hologram Imparatorluğu** (Glitterbeat Records) Türkei

Die ganze Chart auf <http://www.transglobalwmc.com/> und bei Facebook „Mondophon auf Radio ARA“ (Willi Klopotttek).

## KULTUR

KRIMINALROMAN

Opraumen  
duerch  
Fiktoun

Luc Caregari

**Dem Jean Schoos säi Kriminalroman: „Den drëtten Schlüssel“ gëtt um Lëtzebuurger Bichermaart chronesch ënnerbewäert - e politeschen Thriller deen net zéckt och onbequem Wourecht unzepaken. D'woxx huet den Auteur begéint.**


De Jean Schoos schwätzt ... vill. Ma hien ass awer kee vun deenen, déi probéieren hire Géigeniwwer a Gebraddels z'ersaufen, et lauschtert een him éischer gär no. Och wann e mol vum Thema ofkënnt. Dofir fänkt eist Gespréich och net mam Buch un, mee mat sengem Numm. Säi Problem ass nämlech, datt en Homonym ass mam Generalsekretär vun der ADR. A mat där Partei huet „eise“ Jean Schoos nu wierklech näischt um Hutt: „Et ginn zwou Branchen vun Schoosen zu Lëtzebuerg, déi vu Bäerdref an déi aus dem Pafendall. Déi eng waren a sinn ëmmer nach konservativ, während déi Pafendaller ëmmer revolutionär waren an nach sinn“, erklärt hien.

Well de Jean Schoos ass dat wat ee communément en „Al-68er“ nennt. 1967 huet hien ugefaange zu Heidelberg Physik a Chimie ze studéieren bis en 1969 op Psychologie a Soziologie ëngesuedelt huet. Trotz deene mouvementéierten Zäiten, déi hien deemools op der Uni erlieft huet,

ass hien e Pragmatiker bliwwen: „Dee ganze revolutionäre Geescht war séier nees verschwonnen. Schonn 1972 waren d'Studenten nees vill méi ugepasst wéi virdrun“, erënnert hie sech. Sou ass hien, dee bis zu senger Pensioun am Jongenheem zu Bartreng d'Direktioun assuréiert huet, och keen nostalgischen „Al-68er“ mee éischer e verständnisvollen Zäitzeien, deen och seng eegen Generatioun duerchaus kritesch gesäit. Sou seet hien och datt seng Generatioun, déi elo un der Muecht ass oder war, bestëmmt net alles gutt gemaach huet: „Et gëtt eng grouss Frustratioun, Transparenz ass nach ëmmer eng onméiglech Saach, hei am Land wéi och iwwerall soss an Europa. Et muss een hei am Land dach just de Logement kucken - kee weess wem wat gehéiert a wéi een Tycoon wat als nächst plangt. Bei sou Zoustänn wonnert et mech net wa responsabiliséiert Bierger sech éischer fir hir Gemeinschaft aussetzen. An och net wa Jonker sech dem Hedonismus higin oder Populisten unhänken“, mengt hien.

An eben do ass en: De Lien mam Buch „Den drëtten Schlüssel“. D'Geschicht vun engem jonken Gardarmerie-Inspekter - de Fischbach - deen a sengem éischer Fall e Mord un engem „Käppercherssammeler“ (e Philatelist) opklären muss a sech do

FOTO:WOXX



De Jean Schoos: En „Al-68er“ mat Punch.

bäi an e Gewurrels verstréckt, dat zeréck geet op Zäite vun der preisescher Occupatioun, der Resistenz an der Kollaboratioun. Dat ganzt gëtt nach e Krack méi schwéier, wéi de Fischbach feststellen muss, datt d'Grief tëscht Gendarmerie a Police e gutt Stéck méi déif sinn, wéi hie gefaart hat - an datt ee verschidden Deeler vun der rezenter Geschicht besser sollt roue loossen.

## „Poppen danze loossen“.

Dem Jean Schoos, sengen eegene Wierder no e grouse Konsument vu soziale Krimien, geet et drëms d'Geschicht vu Lëtzebuerg nom Zweete Weltkrich nei z' erzielen. An dat mat de Mëttelen vun der Fiktioun, well déi ass „dat beschte Mëttel ze verhënnern, datt Saachen sollen doudgeschwiegen ginn“.

Sou verwonnert et och net, datt den Auteur sech a sengem éischte Roman och op d'Recherche vun där neier Generatioun vun nationalen Historiker bezitt fir seng Geschicht ze fondéieren: „Den Artuso-Rapport ass sécher mat dofir responsabel, datt mat de Legenden opgeraamt gëtt“, seet hien, „Et muss einfach kloergestallt ginn, datt Resistenz a Kollabo-

rationen zwee Phänomener waren, déi gläichzäitig stattfonnt hunn“. Als weider Referenzen nennt hien nach d'Aarbechten vum Denis Scuto, dem Lucien Blau - a senger „Histoire de l'extrême droite au Luxembourg“ - an de Serge Hoffmann.

Wat eraus komm ass, sollt een awer net als dem Jean Schoos seng Versioun vun der Wourecht verstoen: „Ech wollt dat Buch esou schreiwen, datt sech de Lieser herno nach muss seng eege Gedanke maachen. Et geet mer hei net drëms, déi eng oder aner Fraktioun an deem Muechtkampf deen hannert de Kulisse stattfonnt huet, schlecht ze maachen, mee éischer dorëms e System duerstellen, deen d'Lait och verännert“. Well, sou wéi et och um Cover steet, „Den drëtten Schlëssel“ ass just dem Fischbach säin éischte Fall - net manner wéi fënnf aner Bicher sinn nach geplangt. Momentan schreift de Jean Schoos u sengem drëtten Band, deen zweete soll nach dëst Joer erauskommen.

An do soll nach sou munches op d'Lieserschaft duerkommen. Zemoos well de leschte Band am Joer 1983 ophale soll - kuerz ier et am Marie-ländchen nawell zimlech ongemittelech ginn ass. An um Wee dohinner wäerten och Iwwerraschungen dobäi sinn: „De Fischbach ass am éischte Band jo en zimleche Streber, mee wie

weess wat de System nach alles aus him mëcht?“, freet de Jean Schoos. „All System kann d'Leit bannendran futti maachen. An all System kann een nëmme vu bausse futti maachen. An e System dee futti mëcht geet ëmmer nëmme op e schwaacht Vollek, eng schwaach Ëffentlechkeet oder schwaach Institutiounen, wéi de Parquet, zeréck. Dat ass d'Geschicht, déi ech am Ganze well erzielen“.

Op de Jean Schoos keng Angscht huet sech ze verrennen, an duerno an enger Verschwörungstheorie festhänkt? - „Dat kann ech net ausschléissen“ seet hien. „Ech sinn awer éischer en Unhänger vun der Chaos-Theorie. An déi méi fundamental Fro déi ech stelle wëll ass: Wou steet den Individu, par rapport zur Fräiheet, der Demokratie an der Toleranz? Ech well opweisen, datt déi Relatiounen net nëmme komplex, mee och kënnen paradoxal sinn - an datt dat zur Mënschlechkeet dozou gehéiert“.

D'Iddie fir u sou enger Saga ze schreiwen koom dem Jean Schoos iwregens schonn am Joer 2011, wéi en an d'Pensioun gaangen ass. Deemoos huet hien einfach mol sou drop lass geschriwwen, fir d'éischt souguer nach op Däitsch, dunn eréischt a senger Mammesprooch. „Ech wollt einfach mol d'Poppen danze loossen a kucke wat geschitt“, seet hien dozou.

Den Danz schéngt zumindest fir den Auteur mol gelongen ze sinn, well zënterhier huet en net méi opgehale un sengem Wierk ze schaffen an ze feilen. An dat ass eng zimlech Aarbecht: „Ech dokumentéiere mech zimlech vill an den Zeitungsarchiven aus där Zäit, fir se nees opkommen ze loossen. Sou liesen ech vill am „Lëtzebuurger Land“ aus deene Joren, mee och Zeitungen wéi déi vun der Arméi, déi et haut net méi gëtt“, beschreift hien säin Aarbechtsprozess.

Dobäi geet et him och drëms kee Lieser op der Streck ze loossen: „Ech maache keen Ënnerschied tëscht Unterhaltungsliteratur an sougenannter eeschter Literatur. De Lieser soll duerchaus och mol schmunnzelen kënnen. Well wéi sot de Pir Kremer „Wann d'Zäiten och näischt daachen, looss eis léiwer laachen“.

Sou kann ee sech dann op déi nächst Joren freeën, zumindest wat dem Fischbach seng Aventuren ueget.